KÄLTÉITENG

SICONA
Naturschutzsyndikat

D'Naturdetektive vum SICONA

ënnerwee an der Gemeng Käl

Dënschdeg owes, den 22.08.2017
Fliedermais an der Nuecht (Cycle 2-4)
Donneschdeg, den 07.09.2017
Spiller am Bësch (Cycle 2-4)

mam Biwer-Erpelding Michèle,
guide pédagogique

Fliedermais an der Nuecht

Dënschdeg owes, de 22.08.2017

fir d'Kanner vum Cycle 2.1. bis 4.2.



Fir dësen Owend géife mir iech gären alueden op eng Juegd no Fliedermais. Mee wou sinn déi Nuetsdéieren dann ze fannen? Um Späicher vun alen Haiser oder am Tuerm vun enger Kierch liewen se oft an enger Kolonie zesummen a bei Sonnenënnergang fléien se eraus fir Insekten ze joen. Mir fannen se och oft bei Weieren a ronderëm Hecken a Beem wou se owes no Fudder sichen. Wann dir nach méi iwwert dës ganz interessant Déierenaart wëllt wëssen a wann dir wëllt lauschtere wéi een hire Ruff mat engem Batdetektor ophuele kann, da sidd dir häerzlech wëllkomm!

Wichteg Informatiounen: Aal Fräizäitkleedung**,** déi ka knaschteg ginn, undoen. D'Kanner huelen e Rucksak mat eppes ze drénken an eventuell enger Plastikstut fir sech drop ze setzen, mat. Wann d'Kand eng Täscheluucht huet, kann et déi och mat bréngen, awer net extra kafen!! Dësen Owend ass **gratis**.

Rendez-vous ëm 19:00 Auer zu Téiteng an der Laangerte-Gaass, hannenaus bei de leschten Heiser. D'Aktivitéit dauert ongeféier bis **22:00 Auer.**

Umeldung: op der Telefonsnummer **26 30 36 25** vum Sicona oder per email **corinne.camusel@sicona.lu** , mam Numm, Matricule, Privattelefonsnummer,Datum an Numm vun der Aktivitéit. Wann dir no der Umeldung net kënnt mat goen, da mellt iech w.e.g. och op därselwechter Nummer erëm of. **Merci villmools!** ☺

Spiller am Bësch

Donneschdeg, de 07.09.2017

fir d'Kanner vum Cycle 2.1. bis 4.2.

Dëse Mëtteg gëtt et spannend am Bësch. Mir bauen eis mat e puer Seeler eng Schaukel an e Klotergerüst. Dono probéiere mir alles aus.
Wann nach Zäit bleift probéiere mir och nach e puer aner flott Spiller aus.

Wichteg Informatiounen: Aal Fräizäitkleedung, déi ka knaschteg ginn, undoen. Onbedéngt fest Turnschlappen/Schong undoen, ob kee Fall Gummisstiwwelen! D'Kanner huelen e Rucksak mat eppes ze drénken an Uebst (keng Séissegkeeten) an eventuell eng Plastikstut fir sech drop ze setzen, mat. Denkt un Sonnekap a Sonnecrème. **Dës Aktivitéit ass gratis**.
Rendez-vous: um **14.30** tëschent Käl an Diddeleng: Dir fuert vun Käl Richtung Diddeleng. Just virum Agang vun Diddeleng ass op ärer rechtser Säit e klenge Parking. Do treffe mir eis. D'Aktivitéit dauert bis **17.00** Auer.

Umeldung: op der Telefonsnummer 26 30 36 25 vum Sicona oder per email **corinne.camusel@sicona.lu** mam Numm vum Kand, Matricule, Privattelefonsnummer, d'Gemeng, den Datum an Numm vun der Aktivitéit. Wann dir no der Umeldung net kënnt matgoen, mellt iech w.e.g. och op dëser Nummer of. **Merci!**

Pour nos parents et enfants francophones

Dans le cadre des activités dans la nature, proposées aux enfants de l'école primaire du Cycle 2.1 au Cycle 4.2. par la **Commune de Kayl** et le **Sicona-Ouest**, nous offrons le programme suivant:

«Les chauves-souris dans la nuit »

Mardi soir le 22.08.2017 pour les enfants du cycle **2.1. au cycle 4.2.** inclus.
Rendez-vous à 19 :00 heures à Tétange dans la « Laangerte-Gaass » tout au bout de la rue après les dernières maisons. L'activité durera **jusqu'à 22 :00 heures**.
Information importante : Mettre de vieux vêtements adéquats. Emmenez un sac à dos avec une boisson et une lampe de poche (si vous en avez une → pas acheter !!)
Merci !

« Jeux dans la forêt »

Jeudi, le 07.09. 2017 pour les enfants du cycle 2.1. – 4.2.
Rendez-vous : **14.30 heures entre Kayl et Dudelange :** vous prenez la direction de Dudelange et juste avant l'entrée de Dudelange il y a un parking à votre droite. C'est là notre point de rencontre. Fin de l'activité **à 17 :00 heures.**
Information importante : Mettez de vieux vêtements adéquats et **des souliers-sport (pas de bottes en caoutchouc !)**. Emmenez une boisson (1/2 l au moins !) et un fruit (pas de sucreries). N'oubliez pas la **protection solaire** ! **Merci !** ☺

Inscription pour les deux activités : au **Tél. 26 30 36 25** du SICONA ou par e-mail sur : **corinne.camusel@sicona.lu** avec indication du nom et prénom de l'enfant et du numéro matricule de l'enfant, de votre numéro de téléphone/Gsm, le nom et la date de l'activité et le nom de la commune où l'activité aura lieu. Pour une éventuelle annulation, choisir le même numéro.
Merci !